SENSIBILITÉ POLITIQUE
22, RUE DE L'EAU
L-1449 LUXEMBOURG

Claude WISELER
President vun der
Chamber vun den Deputéierten
19, um Krautmaart
L-1728 Lëtzebuerg

Lëtzebuerg, den 23/02/2024

**Här President,**

**Sou wéi den Artikel 80 vun eisem Chambersreglement et virgesäit, bieden ech Iech, dës parlamentaresch Fro un d'Ministesch fir Gesondheet weiderzeleeden.**

Am rezente Fall, wou een Zänndokter liewenslänglech Beruffsverbuet zu Lëtzebuerg krut, ass erauskomm, dass d'Sterilisatioun vum Material net fachgerecht gemaach ginn ass.

An deem Zesummenhang wéilt ech der Ministesch dës Froe stellen:

1. Wat ass gesetzlech vu Maschinnen oder soss Material fir d'Sterilisatioun an engem Zänndokteschcabinet virgeschriwwen?
2. Kontrolléiert de Gesondheetsministère (oder en anere Ministère) bei der Ouverture vun engem neien Zänndokteschcabinet, ob all d'Material (Maschinnen) fir d'Sterialisatioun sur place ass, gesetzeskonform ass a funktionéiert?
3. Kontrolléiert de Gesondheetsministère (oder en anere Ministère) och bei alle scho bestoenden Zänndokteschcabineten, ob all d'Material (Maschinnen) fir d'Sterilisatioun sur place ass, gesetzeskonform ass a funktionéiert?
    - Wa jo, wéi reegelméisseg ginn dës Kontrolle gemaach?
    - Wa nee, wëll d'Ministesch hei Ännerunge virhuelen?
4. Sinn all dës Kontrollen annoncéiert oder net?
5. Wéi eng Sanktioune gi gesprach, wann en Zänndokteschabinet net konform ass?
6. Wéi vill Cabinete waren an deene leschten 10 Joren net konform wat d'Material an d'Sterilisatiounen ugeet (Zuele pro Joer)? Goufen an all dëse Fäll Sanktioune gesprach?
7. Wéi laang dauert am Schnëtt d'Prozedur vum Constat de non-conformité bis zum Beruffsverbuet oder der Fermeture définitive vum Cabinet?
8. Risquéiert de Staat am Kader vun der Responsabilité civile (mat) responsabel ze sinn, wa Patienten ee Schued entsteet, wärend eng Prozedur géint een Dokter oder ee Cabinet leeft?
9. Hu scho Patienten de Staat a sou engem Dossier viru Geriicht ugesicht (Responsabilité civile)?

Mat déiwem Respekt,

CLEMENT Sven
Deputéierten